



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5330 vum 2. Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

D'Regierung steet nach ëmmer zou der genannter Resolutioun. Den Covid Check Régime, deem d'Covidsgesetz dat den 25. Dezember 2021 an Kraaft getrueden ass fir Fräizäitaktivitéiten virgesäit an den adaptéierten Covid Check Régime (sougenannte „3G Régime“ deem zousätzlech och d'Virweisen vun engem Testcertificat erlaabt) fir d'Arbechtswelt, sinn geduecht fir d'Gesellschaft an hirer Gesamtheit ze schützen. Den Moment ass d'Unzuel vun ongeimpfte Leit nach ze grouss an au Vu vun der Effikassitéit vun den Impfstoffer déi mat der Zäit ofhëlt, och wann se weiderhin gutt virun schwéieren Konsequenzen schützen, an den neien Erkenntnisser zur OMICRON Variant déi en erhéichten Ustiechungsrisiko beleen, erlaben et zur Zäit nach net datt verschidden Aktivitéiten nees ouni iergendwellech Sécherheetsmoosnamen fonctionnéieren kënnen. Virun allem sinn dës Aschränkungen och vis-à-vis vun deenen Leit wichteg déi verschidden Risikofacteurs opweisen an soumat en méi schlëmmeren Verlaf vun enger Infektioun riskéieren, fir och sie beschtméiglech ze schützen.

Lëtzebuerg, den 4. Januar 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert